Yann Logelin am RTL Musekexpress, Abrëll 2006

11 Lidder staark ass deen éischte kompletten Album vun Dreamcatcher, deer Band, déi an de spéide 90ger als Solo-Projet vum Ex-T42-Sänger John Rech gestart gouf.

Vun deenen 11 Lidder sinn der eng Rei awer scho bekannt. Nieft der aktueller Single, dem Titelsong, SUNNY DAYS, dee virun allem duerch de Kannerchouer an d'Sträichinstrumenter ze begeeschtere wees, fënnt och nach d'Lidder vun der EP „3" um Album erëm an do erënnert ee sech virun allem un de Single-Succès vun Dreamcatcher aus dem Joer 2005 „VERLUER".

Iwwerzeege kënnen Dreamcatcher awer och mat hire Lidder op franséisch. Vun deenen 3 Lidder an deer Sproch ass et virun allem d'Coverversioun vum Stéphan Eicher sengem „DEJEUNER EN PAIX" déi am Ouer hänke bleift.

En zweeten Titel op lëtzebuergesch mam Titel „HUEL MECH" kann een an d'Kategorie Erotik-Pop stiechen an en ass alléng doduercher schonn der Wäert emol gelauschtert ze ginn, well et esou eppes an eiser Mammesprooch nach net dacks ginn ass.

De Bijou um Album ass awer ouni Doute den Titel „DON'T LOOK DOWN" vum englesche Produzent Lee Russell (Vengaboys, Mark Owen), deen sech vum Recht vum Album ofhieft an deen de John fir seng Hochzäit geschenkt krut.

Et ass en Album mat vill Ofwiesselung, deen zu kengem Ament langweileg gëtt an deen am Kader vun engem Konzert de Sonndeg 24ten Abrëll zu Esch/Belval an der Rockhal och live presentéiert gëtt. A ne pas manquer...